



Jean MISCHO

"Mir sti mat zwee Féiss um Buedem"

Den Här Jean MISCHO wor Lëtzebuerger "repräsentant permanent adjoint" bei den europäesche Gemeinschaften an schafft elo an der Lëtzebuerger Ambassad zu Bréissel.


forum: D'"Lëtzebuerger Aart" as neierdéngs - besonnesch bei eise Politiker - vill am Gespräch. Kann een si defineéiren? As si eppes Stastesches, oder évoluéiert si?

Jean MISCHO: Den historeschen Aspekt iwwerloossen ech léiwer Leit, déi méi qualifi-zéiert sin ewéi ech, fir doriwwer ze schwätzen. Mä ech mengen et gët eppes, wat ee kann "Lëtzebuerger Aart" nennen. Ech weess nüt awéiwäit si an eisem nationale Charakter läit oder vun der Klengheet vum Land hierkënnt. Vläicht dréit d' Klengheet vum Land vill derzou bái, datt mir esou si wéi mer sin.

Fir mech besteht d'"Lëtzebuerger Aart" zu engem

gudden Deel doran, datt mer zimlech mat den zwee Féiss um Buedem stin. Ech gin zou, datt dat och kann een Nodeel sin: hei an do si mer vläicht zé-vill "terre à terre" oder souguer klengkaréiert. Mä anersäits huet déi Haltung och eng ganz Rei Avantagen. Mir hu nüt esou wéi aner Natiounen d'Tendenz fir eis terribel sérieux ze huelen, fir eis opzeblossen, fir am politesche Géigner en Doutfeind ze gesin. Mir hun e gewësse Sënn fir d'Ironie, souguer fir d'Selbstironie. E Persouenkult wéi an anere Länner ka bei eis nüt opkommen. Mir hun e gewësse Sënn fir d'Proportioun, fir d'Relativitéit vu munnechem, e gewësse Realismus.

Eis Klengheet huet et eis méi liicht gemaach, ze verstoen, datt mer all némme Mënsche sin, ob Patron, Aarbechter, Dokter, Hausfra, Bauer oder Beamten. An dofir as vläicht de Sënn fir d'national Solidaritéit e bësche méi grouss. Dat as an der aktueller Situations e groussen Avantage. Mir liewen an enger Zäit vu Kris, dat weess jidfereen, mä et as leider



wahrscheinlich, dass sie nach mir schlümm ka gin. An et gesäßt een, datt déi Länner, an deenen eng staark national Kohäsioun besteet, bis elo d'Kris besser gemeeschert hun, z.B. Japan, z.B. d'Schwäiz an och Lëtzebuerg. Ech fannen zwar deen Ausdruck "Lëtzebuerger Modell" e bësche präentiös, e bësch "hei-kommt-kucke-wat-mir-dichteger-sin", mä et as eppes drun: mir hun et fäerdegbruecht fir déi Problemer, déi eis säit 1974/75 entstane sin, wahrscheinlich besser ze léise wéi déi aner Länner, do duerch, datt et bei eis méi liicht war, all betraffe Leit un een Dësch ze bréngen an d'Problemer matt engem relativ grousse Realismus an Objektivitéit unzogen a Léisungen ze fannen, ém déi aner Länner eis beneiden.

An ech mengen, et as ganz wichtig, datt dat Element och an Zukunft bestoe bleift.

forum: Dir schwätzzt vu nationaler Kohäsioun an Zesummenhank matt der Kris. Gët dee Begréff nüt staark relativéiert duerch dee groussen Ausländeranteil énner eise Beschäftegten, dee mir a Krienzäiten als Ventil benotze kënnen?

J. MISCHO: Jo, d'Ausländerproblem as natierlich ganz wichtig, virun allem am Zesummenhank matt der nationaler Kohäsioun, mä à long terme gesin. Ech fannen, datt bis elo eis auslännesch Matbierger d'national Kohäsioun nüt a Gefor bruecht hun. An ech gëng soen, datt mir den Ausländeranteil un der Populatioun manner als Ventil gebraucht hu wéi aner Länner. An Däitschland hu, mengen ech, méi wéi eng Millioun Tierke missen heemgon, a Frankräich sin der och heemgeschéckt gin, zum Deel mat enger "prime de rapatriement". Mir hun d'Immigratioun gestoppt - dat as schon eng grouss Differenz, ob een heemschéckt, deen doheem näischt méi huet an

nüt weess, wat en doheem vierfénnt, oder ob een einfach seet, et komme keng nei Ausländer méi eran. An där Hinsicht hu mer nüt gehandelt wéi di aner, obwuel bei eis den Undeel vun den Ausländer un der Gesamtpopulatioun méi grouss as wéi an deénen anere Länner.

forum: Et gin allerdéngs och méi subtil Manéiren, fir d'Leit fortgoen ze don ...

J. MISCHO: Dat kënnt sin, mä ech menge nüt, datt mer op grousem Fouss dovu profitéiert hätten. Natierlich kënnt dee groussen Undeel vun Ausländer e Problem duerstellen am Zesummenhank mat der nationaler Kohäsioun. Wann et z.B. esou gëng goen, datt mir an lo Joer en Undeel vun 30 - 35% Ausländer hätten, da gëng d'Fro sech stellen, ob mer nach di néideg Kohäsioun behale fir eis Problemer an deemselwechte Geeschte ze léisen. An deem Zesummenhank stellt sech sech dann och d'Fro vun der Sprooch. Di éischt Integratiounswell as zimlech gutt integréiert gi sät Ufank vum Jorhonnert, mä wéi gëng et goe wa mer méi 30% Ausländer hei hätten, di keen Interessi méi gesi fir Lëtzebuergesch ze léieren, well si esou e groussen Deel vun der Populatioun gëngen ausmaachen a well si némmer fir 10 - 15 Joer heihekéimen, mat der fixer Iddi, hannescht ze goen. Da kënnten emol Problemer entstoen. Et wär nüt gutt, wa mer hei eng Situatioun kréichen, wi se z.B. an England besteet oder a verschidene laténgesche Länner, eng Situatioun vu wierklecher Klassentrennung, wou bei eis nach eng sproochlech Trennung derbäikéim. Ech hoffen, datt mer och an Zukunft bei eisen auslännesche Matbierger d'Gefill opech erhale kënnen, datt mer zesumme mat hinnen an engem Boot sätzen an d'Problemer entweder solidaresch meeschteren oder zesumme mat hinnen énnert d'Rieder kommen.

forum: Dat heescht och énner Émstánn eng national Identitéit mat hinnen zesummen nei développéieren ?

J. MISCHO: Jo, firwat nüt, wann dat méiglech as. Ech hun dorwer nach nüt weider nogeduecht, wat eng nei national Identitéit kënnt sin. Mä ech gi nüt dervun aus, datt der Lëtzebuerger a sénger heiteger Form en "être supérieur" wier, deen d'Perfektioun erreicht hätt an onbedéngt an där Form misst erhale bleiwen. Firwat soll eise nationale Charakter nüt évoluéieren. Mä ech hoffen, datt déi positiv Charakteristiken, vun deenen ech am Ufank geschwat hun, erhale bleiwen. Wat mer musse verhënneren as, datt mer op eemol zwee parallel Länner hei hätten, wi dat an der Belsch de Fall ass.. Dat as natierlich némmer eng Spekulation, mä ech hun d'Gefill, wéi wann do eng Gefor kënnt entstan. An an Kader huet d'lëtzebuerger Sprooch natierlich hier Wichtigkeet. Wann een a Versammlungen alles muss zweemol soen fir z'iwwersetzen, oder Kopfhörer aféieren, sief dat a Gewerkschaftsversammlungen oder politesche Versammlungen, da krit di Saach op eemol eng ganz aner Nues. Duerfir, mengen ech, as et eisen Intérêt, datt di Ausländer, di hei sin, wa méiglech hei bleiwen an intégréiert gin, spéitstens an der zweeter Generatioun.

forum: Fir bei der Sprooch ze bleiwen, do gët et jo bei eis wéi bei eise Noperen eng Renaissance vun der Sproochkultur. Kénn Der vläicht dorwer eng Wäertung offgin?

J. MISCHO: Ech fannen dat u sech gutt, datt d'Lëtzebuergesch erëm e bësche revaloriséiert gët, datt vill publiziéiert gët op Lëtzebuergesch, vill Theaterstücke geschriwwen gin. D'Sprooch as nun eemol e ganz wichtegen Deel vun eiser nationaler Identitéit. Déi Tendenz kann ee

nëmmen encouragéieren. 'T as jo keng Tendenz, déi egozentresch wär, sech op sech selwer ofkapselt. Ech mengen, bei eis stellt dat Problem sech nüt. Mir si noutgedrangen op no baussen. Mir sin däitschen, franséischen an och belschen Influenzen ausgesat, wéi keen anert Vollek auslänneschen Tendenzen ausgesat as. Eis Studenten studéieren am Ausland. (Iwregens fannen ech, datt et eng gutt Saach as, datt mer nëmmen een Universitéitsjoer zu Lëtzebuerg hun. Wa mer eng komplett Universitéit hätten, da géng dat, mengen ech, zu enger gewésser Introversioun féieren.) D'Renaissance vun eiser Sproochkultur as also ménger Meenung no eng gutt Saach.

forum: An déi Sproochrenaissance kënnt nüt emol vu konservativen Tendenzen falsch interpretéiert gin?

J. MISCHO: Déi Gefor gët et vläicht, mä ech gesin se am Moment nüt. Et kléngt natierlech émmer konservativ, vun der Sprooch a vum Brauch-tum ze schwätzen asw. Mä et schéngt mir am gudde Sénna konservativ. Mir wölle jo nüt zréckgoen zu eppes, wat onwiderrufflech eriwwer as. D'Duerfliewe kënnten a wölle mer nüt nees esou opliewe loosse wéi et fréier war. D'Fra kënnten a wölle mer nüt zréckdrängen an eng Roll, di si fréier hat asw. Mä wann d'Gefor besteht, dass e falsche Konservativismus matgedroe gët, da misst ee natierlech der-géint réagéieren.

forum: Mer hate scho virdru Rieds vun der Gefor fir d'national Identitéit duerch ee vläicht ze groussen Auslännerendeel. Gin et nüt nach aner Geforen, di d'national Identitéit kënnten opweechen, z.B. soziokulturell Influenzen aus dem Ausland duerch d'Press an d'Televisioun, oder duerch supranational Ariichtungen?

J. MISCHO: 'T as klor, dass di Aflëss vu baussen hir Wierkung hun, vrun allem well mer su kleng sin. Gott sei Dank si se nüt eeseiteg, si komme vu verschidde Säiten. Mä eis Aart a Weis ze liewen an ze denken gët sécher dervu bëaflosst. Ob se eis national Identitéit a Gefor bréngen, dat nüt onbedéngt, oder eréischt vun deem Moment un, wou aner Elementer vun der nationaler Identitéit och ofgeschwächt gin. Wann et esou wäit géng kommen, dass schliesslech d'lëtzebuerg Sprooch némme méi an den Dierfer géng geschwat gin, kënnt een sech froen: wat sin d'Lëtzebuerg eigentlech nach?

Wat elo di supranational Influenzen ubelaangt, do mengen ech nüt, dass si fir eis national Identitéit eng Gefor wieren. Di europäesch Eenegungsbewegung wéllt jiddefalls nüt de nationale Charakter vun de Länner verschwinnen don. Ech mengen et muss een do énnerscheeden téscht dem Nationalismus, dem nationalen Egoismus an der nationaler Identitéit. Den nationalen Egoismus muss reduzéiert gin. D'europäesch Eenegung verlaangt, datt gewëss Oofstrécher gemaach gin, datt e Land och emol Sacrifisen op deem engen oder anere Gebitt mécht. Dat huet awer náischt ze di mam nationale Charakter, mat den nationale Gewunnechten.

Mir hun allerdéngs de Moment zu Bréissel ee "contentieux" mat der EG-Kommission, di nüt wéllt un-erkennen, datt di auslännesch Dokteren, di sech hei zu Lëtzebuerg néierloossen, musse Lëtzebuergesch kënnten. D'Kommission wéllt dora némmen eng moralesch Verpflichtung gesin, aus dår een nüt dierft eng juristesches Bedéngung maachen. Dat schéngt mir awer eng legitim Fuerderung. Hueler mer e Kand am drëtte Schouljoer, dat géif uestouss gin, dat 1 - 2 Joer Franséisch gemaach huet, an et kéim an e Spidol wu e franséischen Dokter oder eng franséisch Infirmière as, et kënnt sech nüt rich-teg ausdrécken. Oder eng eeler Persoun vum Duerf,

di nüt vill Geleéneet hat, Franséisch ze prakti-zéieren, di muss sech kënnen op Lëtzebuergesch aus-drécken an esou enger wichteger Saach wi der Ge-sondheet.

Dat Beispill beweist, datt d'Lëtzebuergesch eis dach awer vill mi no läit wi all di Sproochen, di mer an der Schoul geléiert hun an datt et och, praktesch gesin, wichteg as, datt mer weider kën-ne Lëtzebuergesch schwätzen am alldeegleche Liewen

forum: Kann d'Iuwerbetounung vun der nationaler Identitéit nüt awer besonnesch a Krisen-zäiten de nationalen Egoismus verstärken? Gin doduerch nüt Problemer, di eigentlech staats-iuvergräifend misste geleist ginn (e.a. Ekologi-problemer, oder d'Energieversuergung, oder Krise-moossnahmen wéi z.B. d'Bekämpfung vun der Aar-bechtslosegkeet), op de nationale Plang redu-zéiert anee Land géint dat anert ausgespillt?

J. MISCHO: Dat as eng potentiell Gefor, déi Tendenz besteht. Mä an der Stolindustrie hu mer et z.B. fäerdegruecht duerch eng Zort Stolkartell, datt mer zesummen d'Produktioun drosselen an datt jiddereen dieselwecht Mindest-präisser applizéiert fir keng onéierlech Konkur-renz ze man. Dat as e formidable Succès vun Europa! Natierlech as nüt auszeschléissen, datt bei enger weiderer Verschlechterung vun der Situa-tioun verschidde Länner nees zu protektioniste-sche Moossnahmen zréckkéimen, an dat wär ganz dramatesch. Well den Haaptavantage, dee mer elo duerch de Marché Commun haten, dat as, datt di Evolutioun zum Protektionismus wi an den 30-er Joren nach nüt agetratt as: d'Oofkapselung vun all Land, d'Exportatioun vum Chômage ...

Och um ökologesche Plang däerf een nüt énner-schätze wat alles gemat gin as, och wa manner dervu geschwat gët. Z.B. gouf ganz vill a punkto gemeinsam Normen (vun der Pollutioun) geschafft.(...)

forum: Gin awer nüt duerch di aktuell Kris di na-tional Egoisme verstärket?

J. MISCHO: Jo, dat as sécher. D'Kris bréngt di Gefor mat sech. Wéiwäit dat scho geschitt as, as schwéier ofzeschätzen. Et gët gewëss Tendenzen, fir e verkapppte Protektionismus nees anzeféieren. An England gët et z.B. eng Kampagn "Buy bri-tish!", a Frankräich schwätzen se vun enger "re-conquête du marché national", asw. Mä duerch d'Regele vun der EWG kënnten se do nüt ganz wäit goen, an d'europäesch Kommission passtopp déi Saachen op an interveniéiert direkt, wann se dervu Wand kritt. Di grouss Gefor as, dass vun deene verkapppte Forme méi Gebrauch gemaach gët, z.B. datt de Staat déi national Entreprise favoriséiert wann en eppes keeft oder baué léisst. Mä souwäit d'Kommission derhan-nert kënnt, interveniéiert se. Bis elo wor de Mérite vum Marché Commun, datt di Tendenz zur nationaler Oofkapselung zimlech limitéiert bliwwen as.

forum: Nach eng Fro zu de Regionalmouvementer: Dat lëtzebuergesch Nationalbewosstsin as vläicht nüt méi grouss wi d'Zougehéiregkeetsgefill vun en-gem Breton oder engem Walliser...

J.MISCHO: Ech mengen dach. E Breton bleift trotz allem och nach e Fransous, e Walliser bleift och nach e Schwäizer. Mä et kann ee soen: mir sin e Regionalismus, deen d'Chance hat, een on-oofhängege Staat ze bilden. Et gesäßt een tatsäch-lech a ville Géigende vun Europa eng Renaissance vum Regionalismus, z.B. a Korsika, an der Bretagne, am Pays basque... Firwat? Ech mengen dat hänkt do-mat zesummen, datt "d'Welt émmer mi kleng gët", wi ee seet. Et gin émmer méi Echange vu Mënschen a

vun Informatiouen. Jidderee weess vun de Geforen, di vun de Krisepunkten hirkommen oder vum Rüstungswettlaf, an dat schaft bei de Leit eng gewëss Onsécherheet. D'Leit hun dofir de Besoin, sech iirgendwéi ze verankeren, sech iirgenwou doheem ze spieren, an dat féiert derzou, datt se sech erëm op hir Eegentümlechkeete besënnen: hir Sprooch, hir regional Gebräich, an datt se dat dann erëm méi betounen. An dat schéngt mir eng gutt Saach. Et kënnt eventuell dozou féiren, datt de Regionalismus méi wichteg gët wi de Nationalismus. Am Ufank hu vill Leit gesot, de Marché Commun misst suguer dorop lass schaffen. Ech hun nët d'Impressioun, wi wann dat wierklech am Gaang wär ze geschéien, mä sécher as, datt d'Regionalismen sech haut méi staark affirméieren.

Mir Lëtzebuerger hu jiddefalls dee groussen Avantage, datt mir nët nëmmen e Regionalismus sin, mä och een onoofhängege Staat bilden. (D'Gefor vun

engem iwverdriwwene Nationalismus besteht bei eis kaum, well mer su kleng sin.) Dank der europäescher Eenegung kënne mer gläichzäiteg vun den Avantage vum Nationalstaat profitéieren a vun den Avantage vun engem mi groussen Ensemble. D'national Souveränitéit erlaabt eis, selwer di bescht Léisung fir eis Problemer kënnen ze sichen an duerchzeféieren. Wa mer en Deel vu België wiren, wäre mer eng peripher Provënz, di keng grouss Roll fir d'Zentralregierung géif spillen; vu Frankräich oder Däitschland gur nët ze schwätzen. Anersäits gët dee mi groussen Ensemble an deem mir sin eis awer och e grousse Maart, dee mer onbedéngt brauchen fir eis Wueren, fir d'Kapital erunzezéien asw. Ech mengen, et gët munnech Regionalisten an anere Länner, déi eis beneiden.

forum: Här Mischo, mir soen Tech Merci fir dëst Gespréich.